

Positioun „déi gréng“ Dikrich zu der

## SCHÄFFEROTSERKLÄRUNG CSV – DP 2023-2029

### 1. Administratioun:

Déi **administrativ Philosophie** mat besserem Kontakt zu de Bierger a méi Oppenheet an de Kommissiounen ass ganz positiv. Bei digitale Prozeduren sollt ee sech och Avisen vu baussen huelen an och reegelméisseg iwuerpréiwe (loossen), ob d'Dokumenten gutt ze fannen an ze verstoen sinn. Di aktuell Approche, wou op diekirch.lu suggeréiert gëtt et soll alles just op telefoneschem Rendez-vous oder Online geschéien, ass fir verschidde Leit komplizéiert an net ëmmer een Ersatz fir perséinleche Kontakt. D'Administratioun huet d'Méiglechkeeten an d'Pflicht, och spontan ee perséinlechen Accueil unzebidden. No COVID muss een nees méi offen als Service sinn.

### 2. Schoulen

De **séchere Schoulwee** ass zu Recht een Thema. Mir bleiwen dobäi, dat oppen Einbahnstrossen fir de Vëlo eng wichteg Méiglechkeet waren an erëm musse ginn, fir dem Vëlofuerer de Choix ze loossen fir dee kierzten a rouegste Wee ze huelen. Insgesamt feelt et och bei staatlechen Sekundarschoulen un Initiativen, fir de Vëlo ze fërderen. Den Auto (Kiss&Go) a Liwwerverkéier bei d'Schoul musse besser organiséiert an affichéiert sinn. "Chaucidou" an der rue du Palais weist gutt Effekter (Vitesse), awer och negativer (ofbéie fir de Vëlo, Liwwerplazen, Parken am Beet). Eng real Analyse, wéi Leit sech do beweegen mat Konklusiounen, wat ee misst besser maachen, ass néideg!

Mir hunn zu Dikrich eng immens **Offer u Schoulen** am Ëmfeld, mee si gi no baussen net ëmmer wouergeholl. D'Awunner vun Dikrech an och d'Schüler sinn immens verschidden an et ass wichteg wann ëmmer erëm konkret Saachen/Infoen, wou eng Schoul eppes mécht bekannt gemaach ginn. Sou, datt een net just déi Schoul kenne léiert, wou ee selwer dra war.

Villsprochegkeet a Kanner, déi net gudd eens ginn, sinn eng enorm Erausforderung an der Schoul. Net verstanen ginn an net verstoen si wahrscheinlech eng vun de villen Erklärungen, niewt dem Handykonsum, vun opfällegem Verhalen bei Kanner. Den Encadrement hëlleft ee positivt Ëmfeld ze schafen.

### 3. Gebäier & grouss Projeten & Finanzen:

Déi ambitiéis Lëscht u Projeten ass een enorme finanziellen Defi an enger finanziell méi schwiereger Zäit:

1. Nei Maison Relais finanzéieren (an d'Technik an de Grëff kréien)
2. Ex-Senioren-Residenz Terrain: Musekschoul Pläng oder och net? => Projet Extensioun Grondschoul oder och net?
3. Weider Crèche Origerhaus, rue des Fleurs
4. Foyer de Jour pour Personnes dépendantes am Projet SNHBM Cité Militaire
5. Parkhaus Gare
6. Bâtiment administratif fir Service Industriel & Aménagement transitoire Site SCHOU
7. Basculement Energiezentral op net-fossil
8. Conservatoire de Musique du Nord & Îlot Culture
9. Grand-rue (Infrastructures souterraines & Zone piétonne)
10. Amenagement Kléck

11. Archiv & Bibliothek
12. Nei Entrée Militärmusée
13. Mise à jour Infrastructures sportives municipales

Et ass éierlech ze soen, datt Emprunten néideg sinn. Et stëmmt och, datt déi Semi-Privatprojeten an der rue de l'Hôpital elo mat Verspéidung an d'Käschte schloen. Et bedeit awer och, datt een am ordinaire Budget vun den Alldagsaufgaben ee gudd Boni muss hunn, fir dat iwwert Joren ze finanzéieren.

Duerfir muss een:

- 1) **Prioritéite** setzen wat als éischt bzw. wierklech gebraucht gëtt
- 2) **Synergien an der Nordstad** sichen fir net alles e puermol ze organiséieren cf. Bibliothéiken, Archiv, Sport,... Z.Bsp. Ettelbréck kritt eng grouss regional Bibliothék iwwert dem Monopol/Cactus: Firwat dat net gemeinsam ëmsetzen? Idem Archiv.
- 3) Servicer ofschaffen/änneren wou d'**Käschten net en Rapport vum Notze** sinn (LouiExpress)
- 4) **Taxen korrekt a gerecht** definéieren an andreiwen, ouni Joren Retarden ze hunn. Mir hunn do eng verfuere Situatioun. Op Awänn muss d'Gemeng äntweren an net wéi bis elo Problemer ignoréieren.
- 5) **Langfristeg Käschteschätzung**: net vergiessen, datt alles wat ee baut och Ënnerhalt a Personal kascht
- 6) **Subsiden an TVA Ristournen** optimal notzen

#### 4. Nordstad:

Ouni eng richteg **Zesummenaarbecht bzw. Fusioun um Niveau vun der Nordstad** an déi entsprechend besser Planifikatioun an déi méi grouss finanziell Enveloppe vum Staat kënnen Dikrich, Ierpeldéng, Ettelbréck, Schieren a Bettenduerf net hierer wuessender regionaler Roll gerecht ginn.

Wann de Schäfferot sech do fir d'Relance asetzt, ass dat de richtege Wee! Fir datt et glaubhaft beim Bierger ukënnt, muss hien awer och eppes am Alldag mierken:

- Kommunikatioun vun de Gemengen (Dikrech TV asw.) fir regional Themen opmachen
- Via Kommissiounen (Ëmwelt, Integratioun, ...) regional Events organiséieren
- Verkéiersweer an och Veloskonzept mat eenheetlechen Reegelen
- net ëmmer nei Pläng fir 20XY, mee am Alldag den éierleche Reflex fir d'Regioun entwéckelen: **Wat kënne mer zesummen besser?**

#### 5. Sport

Niewent de kommunalen Infrastrukturen ass déi kruzial Fro, wéi d'**Renovatioun vum Staat fir d'Sportshal an d'Piscine an der rue Merten** ausgesäit a wat Dikrich / Nordstad an enger Iwwergangszäit bidde kann oder muss.

#### 6. Soziales & Sécherheet

Mir hunn eng relativ gudd Offer am Soziale Beräich (Wunnengen, Servicer, Altersheemer, Aarbechtsinitiativen, ...) D'Schäfferéit vun elo an och virdrun si sech de Problemer bewosst. Esouwuel am Logementsberäich wéi och bei Aarbechtsinitiativen si vill Akteuren aktiv an trotzdeem wuessen d'Erausfuerrunge weider. Ouni Vernetzung an Ënnerstëtzung vun den einzelnen Initiativen, Asblen, Staat, Gemeng, OSNOs ass dat net ze stemmen. Zesummenhalt

vun Noperen, Hëllef a Respekt si wichteg fir Resilienz (eens ginn och wann eng Kris ass) opzebauen.

D'Gefill vu Sécherheet huet och ganz vill domat ze doen, ob d'Bierger sech verstinn an ob Police- a Gemengenagenten eng opmierksam Autoritéit a Presenz ausstralen.

Och, datt de CGDIS Nordstad op fest Féiss kennt, ass ee gutt Signal.

## 7. **Ëmwelt**

**D'Zilsetzung "méi Gréng"** ass sécher richteg fir d'Liewensqualität an d'Stadklima ze verbesseren. Wichteg ass fir eis, datt mer **konkret festhalen, wou dann dese Wanter geplanzt gëtt**. Mir haten dat scho mol am Klimateam thematiséiert: laanscht Stroossen, Flächen déi net kuerzfristeg bebaubar sinn, Kluuster, Kierfecht, Südhäng vun der Maison Relais, Park, Ieselswiss, ZANO Industriezone an Flächen rondrëm, ... Dat ass ee Prozess iwwert e puer Jore, well et ass kengesfalls evident, datt een d'Beem (je no Summer) all Joer ukritt.

## 8. **Kultur & lieweg Stad**

Baulech Kultur: Muséen, Conservatoire, ... hu mir ganz vill. Wat bësse verluer gaangen ass, ass datt ee Grupp (Jonker?, aaner Nationalitéit?, .... ) selwer eppes organiséiert wat **LIFE** (lieweg) ass. D'Haapterausfuerderung ass, datt déi verwuerzelt aktiv Vereinsleit ëmmer méi rar ginn. All Awunner ass een "echten Dikricher", deen sech eppes traue soll.